N°1272
Entrée le 25.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1272 vum 2. Oktober 2024 vum honorabelen Députéierten Meris Sehovic zum Sujet "Mesures disciplinaires auprès de la Police grand-ducale "**

**Ad Fro 1: Wéi schätzt de Minister d'Virwërf an, datt Disziplinarmoossname benotzt géife ginn, fir e Gewerkschaftsleader ze schwächen? Ass dëst als en Afloss op d'Gewerkschaftsfräiheet ze wäerten?**

De Generaldirekter huet d'Aufgab dofir ze suergen, dass d'Polizisten sech un d'Disziplinarregelen halen. Wann hie Kenntnis dovun huet, dass e Polizist sech am Kader vu senger Aarbecht net un dës Reegele gehal huet, onofhängeg dovun ob een e Gewerkschaftsmandat huet oder net, befaasst hien d'Generalinspektioun vun der Police matt enger instruction disciplinaire wou d'Faite genee analyséiert ginn. Déi Faiten déi an der parlamentarescher Fro opgeworf sinn, hu mengem Verständnis no net matt deem Concernéierte senger Aktivitéit an der Gewerkschaft ze dinn, mee matt senger Aarbecht als Polizist. Am Kader vun der Disziplinarprozedur ass net virgesinn, dass de Minister iwwert d'Ouverture vun enger Disziplinarprozedur informéiert gëtt an hie kann sech och net améschen.

**Ad Fro 2: Wat sinn déi intern Mechanismen déi solle sécherstellen, dass Disziplinarverfaren net als Schikan kënne genotzt ginn?**

Wéi schonn an der Äntwert ob d'Fro 1 gesot, gëtt all instruction disciplinaire géint e Polizist vun der Inspection générale de la Police, enger onofhängeger an onparteiescher Instanz gemaach.

Wann d'Faiten esou grave sinn, dass de Polizist eng méi schwéier Strof risquéiert, gëtt zousätzlech eng Instruktioun duerch de Conseil de discipline gemaach.

Weider Mechanisme fir déi betraffen Beamten ze schützen sinn déi verschidde Recoursméiglechkeeten, jee no der Strof déi gesprach gouf.

Zu allerlescht kann de Beamten natirlech och nach virum Tribunal administratif kloen.

**Ad Fro 3: Wéi rechtfäerdegt d'Polizeidirektioun den Uerder, d'E-Bikes zeréck ze ginn, a gouf dës Decisioun iwwerpréift?**

D'Decisioun vun der Policedirektioun berout op de Prinzippien déi am Deontologieskodex vun der Police stinn, ënner anerem den Artikel 5 "Integritéit an Onbestiechlechkeet", den Artikel 9 "Onofhängegkeet" souwéi den Artikel 10 "Impartialitéit". No deene Prinzippien, déi all Polizist ze respektéieren huet, hätten déi E-Bikes der Aschätzung vum Generaldirektor no net dierfen ugeholl ginn.

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN